N°4178
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Gemeinsam Äntwert, vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, vum Premier Minister, vum Wirtschaftsminister, der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4178 vum Deputéierten Här Marc Goergen**

**1. Wäerten och Lëtzebuergesch Autoritéiten un däser Sécherheetsübung deelhuelen oder se observéieren?**

Am Kader vun der Noutfallübung ronderëm d'Kraaftwierk vu Cattenom huet Lëtzebuerg de 4. Juni seng national Krisemanagement-Strukturen aktivéiert :

- Ënnert der Leedung vun der Division de la Radioprotection (DRP) aus der Gesondheetsdirektioun war eng Cellule d'évaluation radiologique (CER) fir d'technesch Analys vun der Situatioun zoustänneg. Hei hunn och Vertrieder vum CGDIS matgeschafft, och vun zwee anere Servicer vun der Gesondheetsdirektioun waren Vertrieder présent.
- Eng Cellule de crise (CC), déi am Centre national de crise (HCPN) zesummekoum, huet déi strategesch Koordinatioun assuréiert. An däser Zell ware Vertrieder vum HCPN, vum Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Zesummenaarbecht an Aussenhandel, vum Inneministère, vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten vertrueden, souwéi och vum CGDIS, vun der Gesondheetsdirektioun, vun der Police Grand-Ducale an vun der Waasserverwaltung. Verschidden aner Ministèren a Verwaltungen hu punktuell iwwer Videokonferenz deelgeholl.
- Eng Cellule communication et information (CCI) hat d'Aufgab d'Informatioun vum Public an d'Kohärenz vun de Messagen ze testen. Hei waren nieft dem HCPN och Vertrieder vum SIP, dem Inneministere an dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet bedeelegt.
- Ee Liaisonsoffizéier gouf vum HCPN aus op Metz geschéckt, fir d'Kommunikatioun mat de franséischen Autoritéiten ze vereinfachen.

**2. Mat wéi enge franséiche Verwaltungen ass lëtzebuergesche Staat am reguläre Kontakt betreffend Cattenom a wéi eng lëtzebuergesch Verwaltungen sinn hei impliziéiert?**

D'Commission mixte franco-luxembourgeoise de sécurité nucléaire kënnt all Joer zesummen, fir sech iwwer Sécherheetsaspekter am Beräich vun der nuklearer Energie auszetauschen.

De lëtzebuergesche Staat - dorënner de Staatsministère, de Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Zesummenaarbecht an Aussenhandel, de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet mat der Division de la Radioprotection (DRP) als zoustänneger Autoritéit fir d'Radioprotektioun, den Inneministère, de Wirtschaftsministère an de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit – steet, am Kader vun der Commission mixte an doriwwer eraus, reegelméisseg am Kontakt mat franséischen Autoritéiten, ënnert anerem dem Ministère fir auswäerteg Ugeleeënheeten, dem Ministère vun der Energietransitioun, der Préfecture de la Moselle, der Autorité de sûreté nucléaire et de radioprotection (ASNR) souwéi dem Bedreiwer EDF, am Zesummenhang mam Atomkraaftwierk Cattenom.

**3. Iwwert wéi vill technesch Incidenter am Atomkraaftwierk Cattenom, wéi zum Beispill Fuiten, goufen déi lëtzebuergesch Autoritéiten an de leschten zéng Joer informéiert?**

D'INES-Skala (*International Nuclear and Radiological Event Scale*) gëtt international benotzt, fir nuklear a radiologesch Evenementer no hirer Bedeitung fir d'Sécherheet anzestufen. D'Niveauen 0 bis 3 ginn als „Incidenter" klasséiert, wärend d'Niveauen 4 bis 7 als "Accidenter" bezeechent ginn (cf. Tableau hei drënner).

An de leschten zéng Joer ass d'DRP iwwer den direkte Kontakt mam CNPE Cattenom, iwwer international Informatiounsaustausch-Plattforme, am Kader vun der Commission mixte franco-luxembourgeoise de sécurité nucléaire, souwéi och iwwer de Groupe de Travail „Transfrontalier", iwwer am Ganzen 343 Meldungen informéiert ginn.

Dobäi ass awer ervirzehiewen, datt vun dësen 343 Meldungen, 284 Meldungen an den INES-Niveau 0 falen, wärend 59 als INES-Niveau 1 klasséiert goufen. An de Joren 2023 an 2025 gouf et jeeweils eng Meldung mat engem INES-Niveau 2, béid am Beräich vum Strahleschutz vum Personal am kontrolléierten internen Beräich vum Site vun der Zentral. Et huet kee Risk fir d'Ëffentlechkeet bestanen.

Et ass dobäi ze bemierken, datt dës Meldungen déi verschiddene Beräicher vun der nuklearer Sécherheet (Sûreté), Strahleschutz (Radioprotection), Ëmweltschutz (Environnement) an den Transport vu radioaktive Stoffer ofdecken a kënnen och Aktualiséierunge vun engem schonn gemellten Evenement enthalen.

Informatiounen iwwer Evenementer bis zum INES-Niveau 2 kënnen op fräiwëlleger Basis iwwer déi international Informatiounsaustausch-Plattforme vermëttelt ginn. Déi franséisch Autoritéiten maachen dëst aus Transparenzgrënn systematesch.

| INES NIVEAU | BESCHREIWUNG: |
|---|---|
| KLASS 0 | Keng sécherheestechnesch Bedeitung (Déviatioun)<br>*Et gëtt keng Auswierkung op de Mënsch an d'Ëmwelt. D'Sécherheet vun der Anlag ass zu kengem Zäitpunkt a Gefor. Et handelt sech ëm en net geplangten Zoustand.* |
| KLASS 1 | Stéierung (Anomalie)<br>*D'Sécherheetsmesurë funktionéieren, mee d'Anlag weist Ofwäichunge vum virgesinnenen Betrib op. Typesch Fäll sinn zum Beispill kleng administrativ Feeler oder d'Netanhalen vu Grenzwäerter.* |
| KLASS 2 | Stéierfall (Incident)<br>*D'Sécherheetssystemer vun der Anlag ginn declenchéiert, oder et kënnt zu enger liichter Strahlebelaaschtung vu Mataarbechter. Et gëtt keng radiologesch Auswierkung ausserhalb vum Site. De Site ass d'physesch (vum Sécherheetsdroht) a juristesch (vun der Betreiberlizenz) ofgegrenzte Fläch vum Kraaftwierk, wou all relevant Gebaier, Infrastrukturen a Kontrollzonen drënner falen.* |
| KLASS 3 | Eeschte Stéierfall (gesondheetlech Schied beim Personal, Reduktioun vun der Sécherheet an der Atomzentral) |

| | |
|---|---|
| | *Sécherheetssystemer falen deelweis aus oder versoe. Eng Kärschmëlz bleift awer aus an déi wichteg Schutzbarrièrë vun der Anlag bleiwen intakt. Et kënnt lokal zu enger ganz gerénger Fräisetzung vu Radioaktivitéit, oder Aarbechter op der Plaz kréie méi héich Strahlungsdosen of.* |
| KLASS 4-7 | Accidenter<br>*D'Niveau'e 4 bis 7 beschreiwen Accidenter, bei deenen et zu bedeitende Schied un der Anlag oder zu méi grousse Fräisetzunge vu radioaktive Stoffer an d'Ëmwelt kënnt.* |

Lëtzebuerg, de 8. Juli 2026

Den Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel,
(s.) Xavier BETTEL